LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil Max Hahn an dem Inneminister Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n°2463 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement iwwer Gewalt vis-à-vis vun eelere Persounen.**

*Wéi vill Fäll vu Gewalt géint eeler Leit goufen an de leschte 5 Joer (2020-2024) bei de kompetente Servicer gemellt?*

*Kann de Minister eng Opschlësselung no der Aart vun der Gewalt ginn (physesch, psychesch, finanziell, Vernoléissegung)?*

D'Police-Statistik deklinéiert Gewalt a verschidden Infraktiounen. Den Tableau hei drënner lëscht d'Zuelen op vun Infraktiounen an der Kategorie physesch, psychesch oder finanziell Gewalt géint Affer iwwert 65 Joer, déi der Police an de leschte 5 Joer gemellt goufen.

| | 2020 | | | | | 2021 | | | | | 2022 | | | | | 2023 | | | | | 2024 | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Trim 1 | Trim 2 | Trim 3 | Trim 4 | total | Trim 1 | Trim 2 | Trim 3 | Trim 4 | total | Trim 1 | Trim 2 | Trim 3 | Trim 4 | total | Trim 1 | Trim 2 | Trim 3 | Trim 4 | total | Trim 1 | Trim 2 | Trim 3 | Trim 4 | total |
| **affaires de vandalisme** | **93** | **89** | **99** | **88** | 369 | **92** | **105** | **81** | **65** | 343 | **113** | **117** | **145** | **113** | 488 | **120** | **137** | **159** | **125** | 541 | **113** | **157** | **134** | **150** | 554 |
| destructions | 87 | 79 | 89 | 78 | **333** | 82 | 96 | 71 | 60 | **309** | 97 | 96 | 126 | 97 | **416** | 108 | 117 | 137 | 114 | **476** | 104 | 143 | 124 | 139 | **510** |
| autres affaires de vandalisme | 6 | 10 | 10 | 10 | **36** | 10 | 9 | 10 | 5 | **34** | 16 | 21 | 19 | 16 | **72** | 12 | 20 | 22 | 11 | **65** | 9 | 14 | 10 | 11 | **44** |
| **autres infractions contre les biens** | **51** | **71** | **31** | **61** | 252 | **61** | **95** | **82** | **70** | 341 | **107** | **165** | **189** | **190** | 651 | **237** | **209** | **241** | **221** | 908 | **269** | **291** | **221** | **244** | 1.025 |
| abus de confiance | 8 | 5 | 4 | 3 | **20** | 7 | 5 | 6 | 3 | **21** | 4 | 5 | 11 | 2 | **22** | 6 | 11 | 2 | 11 | **30** | 16 | 23 | 19 | 5 | **63** |
| escroqueries/tromperies | 41 | 64 | 27 | 52 | **184** | 53 | 87 | 73 | 67 | **280** | 98 | 157 | 173 | 182 | **610** | 221 | 187 | 229 | 198 | **835** | 245 | 245 | 191 | 226 | **907** |
| usurpation de fonctions, titres ou noms | 2 | 2 | 0 | 6 | **10** | 1 | 3 | 3 | 0 | **7** | 5 | 3 | 5 | 6 | **19** | 10 | 11 | 10 | 12 | **43** | 8 | 23 | 11 | 13 | **55** |
| **vols avec violences** | **0** | **1** | **0** | **0** | 1 | **0** | **0** | **0** | **0** | 0 | **11** | **20** | **7** | **11** | 49 | **7** | **14** | **13** | **11** | 45 | **6** | **14** | **13** | **8** | 41 |
| vols avec violences et menaces | 0 | 1 | 0 | 0 | **1** | 0 | 0 | 0 | 0 | **0** | 9 | 20 | 6 | 10 | **45** | 4 | 14 | 12 | 11 | **41** | 6 | 13 | 13 | 6 | **38** |
| vols avec violences et armes | 0 | 0 | 0 | 0 | **0** | 0 | 0 | 0 | 0 | **0** | 2 | 0 | 1 | 1 | **4** | 3 | 0 | 1 | 0 | **4** | 0 | 1 | 0 | 2 | **3** |
| **violences envers les personnes** | **47** | **51** | **39** | **38** | 175 | **35** | **46** | **34** | **42** | 157 | **59** | **38** | **53** | **34** | 184 | **47** | **40** | **58** | **42** | 187 | **37** | **40** | **42** | **34** | 153 |
| assassinats | 0 | 0 | 0 | 0 | **0** | 0 | 0 | 0 | 0 | **0** | 0 | 0 | 0 | 0 | **0** | 0 | 0 | 0 | 1 | **1** | 0 | 1 | 0 | 0 | **1** |
| meurtres | 0 | 0 | 0 | 0 | **0** | 0 | 0 | 0 | 1 | **1** | 0 | 0 | 0 | 1 | **1** | 0 | 0 | 0 | 0 | **0** | 0 | 0 | 0 | 0 | **0** |
| coups et blessures volontaires | 47 | 51 | 39 | 38 | **175** | 35 | 46 | 34 | 41 | **156** | 59 | 38 | 53 | 33 | **183** | 47 | 40 | 58 | 41 | **186** | 37 | 39 | 42 | 34 | **152** |
| **atteintes aux moeurs** | **1** | **1** | **3** | **1** | 6 | **0** | **2** | **0** | **2** | 4 | **1** | **2** | **0** | **2** | 5 | **0** | **1** | **0** | **0** | 1 | **2** | **3** | **1** | **1** | 7 |
| viols | 0 | 0 | 0 | 0 | **0** | 0 | 1 | 0 | 0 | **1** | 0 | 0 | 0 | 0 | **0** | 0 | 1 | 0 | 0 | **1** | 0 | 2 | 1 | 0 | **3** |
| atteintes à l'intégrité sexuelle | 1 | 1 | 3 | 1 | **6** | 0 | 1 | 0 | 2 | **3** | 1 | 2 | 0 | 2 | **5** | 0 | 0 | 0 | 0 | **0** | 2 | 1 | 0 | 1 | **4** |

| | 2020 | | | | | 2021 | | | | | 2022 | | | | | 2023 | | | | | 2024 | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Trim 1 | Trim 2 | Trim 3 | Trim 4 | total | Trim 1 | Trim 2 | Trim 3 | Trim 4 | total | Trim 1 | Trim 2 | Trim 3 | Trim 4 | total | Trim 1 | Trim 2 | Trim 3 | Trim 4 | total | Trim 1 | Trim 2 | Trim 3 | Trim 4 | total |
| **cambriolages** | **172** | **84** | **143** | **172** | 571 | **125** | **107** | **126** | **211** | 569 | **268** | **217** | **212** | **185** | 882 | **201** | **192** | **236** | **269** | 898 | **240** | **177** | **162** | **353** | 932 |
| cambriolages dans maisons habitées (accompli) | 75 | 39 | 52 | 84 | **250** | 42 | 36 | 60 | 108 | **246** | 122 | 103 | 86 | 86 | **397** | 91 | 86 | 96 | 122 | **395** | 97 | 63 | 72 | 172 | **404** |
| cambriolages dans maisons habitées (tentative) | 68 | 30 | 65 | 60 | **223** | 56 | 55 | 33 | 78 | **222** | 108 | 87 | 91 | 71 | **357** | 80 | 84 | 111 | 113 | **388** | 111 | 84 | 69 | 141 | **405** |
| cambriolages dans maisons non habitées (accompli) | 14 | 6 | 11 | 13 | **44** | 12 | 5 | 14 | 13 | **44** | 14 | 15 | 21 | 11 | **61** | 7 | 10 | 10 | 16 | **43** | 11 | 16 | 7 | 13 | **47** |
| cambriolages dans maisons non habitées (tentative) | 15 | 9 | 15 | 15 | **54** | 15 | 11 | 19 | 12 | **57** | 24 | 12 | 14 | 17 | **67** | 23 | 12 | 19 | 18 | **72** | 21 | 14 | 14 | 27 | **76** |
| **vols liés aux véhicules** | **25** | **24** | **47** | **21** | 117 | **18** | **28** | **31** | **22** | 99 | **41** | **54** | **52** | **36** | 183 | **40** | **65** | **60** | **47** | 212 | **57** | **58** | **78** | **83** | 276 |
| vols de véhicules | 5 | 4 | 9 | 3 | **21** | 2 | 6 | 2 | 4 | **14** | 7 | 10 | 7 | 4 | **28** | 7 | 8 | 4 | 9 | **28** | 7 | 4 | 14 | 12 | **37** |
| vols dans véhicules ou d'accessoires | 20 | 20 | 38 | 18 | **96** | 16 | 22 | 29 | 18 | **85** | 34 | 44 | 45 | 32 | **155** | 33 | 57 | 56 | 38 | **184** | 50 | 54 | 64 | 71 | **239** |
| **autres vols** | **128** | **107** | **191** | **168** | 594 | **125** | **165** | **205** | **282** | 777 | **409** | **456** | **304** | **220** | 1.389 | **185** | **329** | **485** | **438** | 1.437 | **274** | **318** | **354** | **325** | 1.271 |
| vols domestiques | 4 | 4 | 13 | 8 | **29** | 6 | 5 | 13 | 4 | **28** | 12 | 13 | 9 | 9 | **43** | 10 | 11 | 7 | 2 | **30** | 9 | 6 | 11 | 9 | **35** |
| vols à l'étalage | 1 | 0 | 0 | 2 | **3** | 0 | 1 | 0 | 0 | **1** | 0 | 1 | 2 | 0 | **3** | 2 | 1 | 3 | 1 | **7** | 0 | 0 | 0 | 0 | **0** |
| vols à la tire | 13 | 7 | 16 | 26 | **62** | 16 | 18 | 26 | 95 | **155** | 133 | 123 | 66 | 40 | **362** | 29 | 65 | 108 | 108 | **310** | 63 | 67 | 68 | 67 | **265** |
| vols simples | 110 | 96 | 162 | 132 | **500** | 103 | 141 | 166 | 183 | **593** | 264 | 319 | 227 | 171 | **981** | 144 | 252 | 367 | 327 | **1.090** | 202 | 245 | 275 | 249 | **971** |

*Wéi vill vun dëse Fäll hun zu enger juristescher Plainte gefouert?*

All déi opgeléschte Fäll hunn eng Plainte no sech gezunn.

*Wéi vill Persounen iwwer 65 Joer hunn an dëser Zäit Hëllef bei spezialiséierte Servicer gesicht?*

An de Joren 2020-2024 sinn 858 Doleancen a Reklamatiounen duerch de Senioren-Telefon, iwwert Courrier oder Mail un de Familljeministère erugedroe ginn, dovu sinn 106 direkt un aner Instanzen (Ministèren, Administratiounen, Servicer oder Associatiounen) weidergeleet ginn. Et ass allerdéngs ze präziséieren, dass dës Reklamatiounen sech net alleguer op Gewalt vis-à-vis vun eelere Leit bezunn hunn.

*Wéi eng Moossnamen huet d'Regierung geholl fir dës Problematik ze bekämpfen a bewosst ze maachen?*

D'Police lancéiert reegelméisseg Präventiounscampagnen a stellt de Bierger Informatiounsmaterial a Rotschléi géint verschidde Forme vu Gewalt a Bedruch op hirer Internet Säit zur Verfügung. De Service national de prévention de la criminalité (SNPC) vun der Police, esou wéi déi véier Services de prévention régionaux stinn de Bierger iwwer Telefon, E-Mail oder Courrier zur Verfügung.

Et gi reegelméisseg national Campagne vun der Police lancéiert, zesumme mat den zoustännege Ministèren, déi och iwwer déi national Medie promovéiert ginn. Als Beispill kann een d'Campagne « Léif Boma, léiwe Bopa, Loost iech net beducksen » nennen, déi spezifesch eeler Leit cibléiert. https://police.public.lu/fr/publications/2019/leif-boma-leiwe-bopa-net-beducksen.html

Donieft si mam Gesetz vum 23. August 2023 iwwer d'Qualitéit vun den Servicer fir eeler Leit eng ganz Rei u Moossnamen ergraff ginn, fir dem eelere Mënsch eng héich Qualitéit vun den ugebuedene Servicer, an domat d'Bien-traitance a Wuelbefannen ze garantéieren. Am Kader vun der Elaboratioun vum nationalen Aktiounsplang vum „Bien vieillir" („Gutt al ginn") stellen iwwerdeems d'Sensibiliséierung iwwer d'Maltraitance vun eelere Mënschen an d'Promotioun vu positiven Altersbiller zentral Aspekter duer.

*Gëtt et eng national Strategie fir d'Preventioun a Bekämpfung vun der Gewalt géint eeler Leit?*

*Wéi evaluéiert d'Regierung d'Effektivitéit vun de aktuelle Schutzmoossnamen?*

Wéi am Koalitiounsaccord 2023–2028 virgesinn, wäert d'Regierung e Comité interministériel asetze fir d'juristesch Basis an dësem Beräich op de Leescht ze huelen an eng kohärent legal Basis ze schafen, mam Zil d'Vernoléissegung an d'Mailtrance vun eelere Mënschen effektiv ze bekämpfen. Dëse Comité ministériel soll nach dëst Joer opgestallt ginn.

*Wéi vill Fäll vu Gewalt goufen an Alters-a Fleegeheemer gemellt?*

Dem Familljeministère leie keng zentraliséiert Zuelen iwwert Fäll vu Gewalt géint eeler Persounen an Alters- a Fleegeheemer vir. Et gëtt keng eegestänneg Instanz oder Plattform, wou all dës Fäll gesammelt ginn.

Lëtzebuerg, den 13. August 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit,
Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn